

Ech hat och d'Impressioun, dass, wa mer esou e Box-match géifen organiséieren, do ënnert Ëmstänn nët géif vill dobäi erauskommen. Mir hu souwisou eng Situatioun, wou Schattegefechter an deem Dossier ausgefouert gin. Ech wëll nach eng Kéier widderhuelen, dass mer nach vill Betriber am Land hun, déi iwwerhaapt keng Kommodo-Prozedur hun, dass mer um Niveau vun der Kontroll vun eiser egener Législatioun praktesch an der Situatioun si vun engem ënnerentwéckelte Land. Et muss een dat emol klor soen.

Et gët ëmmer duergestallt, wéi wann hei all 14 Deg géife Kontrolleren an de Betriber opkräizen, fir d'Législatioun ze kontrolléieren. Dovu si mer nach wäit ewech.

D'Chifferen, déi haut hei genannt gi sin, souwuel vum Här Calmes wéi och haaptsächlech an deem Audit, beweise klor, dass mer nach wäit ewech sin, fir eis Kommodo-Prozedur esou ze organiséieren, dass se engem entwéckelte Land wéi Lëtzebuerg och géif Eier maachen.

Dann e leschten Aspekt, Här President. Et as hei gesot gi vu verschiddenen Orateuren, dass d'Dossierën ëmmer méi komplex gin. Mir sin hei wierklech an enger verdäiwelter Situatioun, well och eng ganz Rei vu Lobbyiste soen, mat lénks, et sin zevill Kontrollen, mir sin zevill an engem bürokratesche System, a wann Der hir egen Aviën duerchliet, da stellt Der fest, dass se mat där anerer Hand jäizen no zousätzleche Règlements grand-ducaux, no zousätzleche Rigiditéiten.

An hei si mir an engem Dossier, Här President, wa mir an deem Beräich souguer den Argumenter an deem Gejätz vu verschiddene Kreesser no méi Sécurité juridique - dat as dee grouss Fändel, wou eng ganz Rei Leit hannendru lafen - géifen nogin, wat mer méi Rigiditéiten an der ganz Prozeduren hei erabréngen an och de Spillraum vum Lëtzebuerger Modell, deen een och kann uwenden am Beräich vun der Ëmweltlégislatioun, selwer aus der Hand huelen.

Ech perséinlech plaidéieren dofir, dass mer nët zevill eng rigid Situatioun provoziéieren, fir dass mer och kënnen der Exekutiv, wa s'et fir noutwendeg fënt, verschäerfte Saachen operleën, oder awer och a verschiddene Situatiounen kënnen e bësse Waasser an de Wäi schédden, fir zum Beispill engem Betrib entgéintzekommen, deen eng nei Technologie amgaangen as anzeféieren an déi vläicht am Ufank nach nët esou beherrscht, wéi en dat no enger gewëssener Zäit mécht.

Et as och hei geschwat gi vun der Ëmweltverwaltung a vun anere Verwaltungen. Ech wëll mech elo nët acharnéieren op de STATEC oder op d'Verwaltung vun den Travaux publics, déi hei genannt gi sin, mä ech mengen, et muss ee klor erkennen, dass d'Ëmweltverwaltung eng vun dene jéngste Verwaltungen am Lëtzebuerger Stat as, wann ee se vergläicht mat aneren, déi vill méi Tradition hun, vill méi Pouvoir am Stat, an och d'Rouage vum Stat besser kennen, manner Lobbyën ausgesat gi vu verschiddene Stréimungen, déi vill Schwiregkeet huet sech ze behapten, déi och dofir vill Schwiregketen hat, an dene leschte 15 Jor sech organisatoresch esou ze ge-

stalten, dass se kann dene villen Erausforderungen, déi u se gestallt gin, gerecht gin.

Mä am allgemenge stelle mer fest, dass d'Dossierën, déi mussen traitéiert gin, ënnert anerem och duerch d'Technologie, déi ëmmer méi sech verfeinert, déi ëmmer méi modern, doduerch ëmmer méi komplizéiert gët, och méi laang Zäit brauchen.

Ech si frou, dass et eng grouss Majoritéit gët fir dese Projet, nët nëmmen den haarde Kär vun der Majoritéit. Ech hat mer allerdéngs perséinlech gewënscht, dass mer och bei deem Volet vum Kommodo hätte kënnen eng ganz grouss Majoritéit kréien, déi scho bal bei der Unanimitéit géif leien. Dat as nët de Fall, mä ech weess, dass et do vläicht aner Ursaache gët. Ech si jiddefalls frou, dass mer eng grouss Majoritéit kréien, fir denen zwou Verwaltungen d'Méiglechkeet ze gin, hiren zukünftigen Aufgabe beschtnéiglech gerecht ze gin.

Ech soen Iech merci.

M. le Président. - D'Diskussioun as ofgeschloss, a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1-3 si gelies an ugeholl.

Mir fuere weider mat eisem Ordre du jour a kommen zur Diskussioun vum Projet de loi 4478 iwwer d'Virements transfrontaliers. Et hu sech schon ageschriwwen: déi Häre Grethen a Bausch.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Lucien Clement.

3. Projet de loi 4478 portant transposition de la directive 97/5/CE concernant les virements transfrontaliers dans la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Lucien Clement (CSV), rapporteur. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Déi meescht Gesetzesprojetën, mat dene mer eis an der Finanzkommissioun aus-eneesetzen, zumools wa se de Secteur financier betreffen, sin an der Regel schwéier zougänglech fir den Normalbürger, sief et duerch hir Technicitéit, sief et duerch hir Implikatiounen op de Secteur financier, e Secteur, deen allerdéngs, dat muss ee soen, fir eist Land vu grousser Bedeitung as.

De Projet 4478, mat deem mer eis de Mëtteg befaassen, kann een awer méi als Ausnam ugesinn, déi des Regel bestätegt. Et handelt sech nämlech ëm eppes, wat direkt novollzéierbar as.

Ech explizéiere mech: dese Projet iwwer d'Virements transfrontaliers betrëfft d'Kreditinstituter selbstverständlech, mä och an éischter Linn de Konsument a säin Alldag.

Dobäi kënnt och, dass dës Projé e groussen Aktualitéitsgehalt huet.

D'Gebuert vum Euro, wuel en historiescht Ereegnes, huet gewëss säit laangem üblech Gewunnéchten a Praktiken am europäesche Finanzsektor net a Fro gestallt. Vill Leit gesinn dat als Widdersproch.

D'Finanzoperatiounen mam Ausland, vu Bank zu Bank, insgesamt, bleiwen deier, oft ze deier. An de Konsument huet gewëss Schwierigkeiten, esou eng Situatioun an engem eenheetleche Währungsraum ze akzeptéieren.

Mat Recht kumt vu ville Säiten d'Fro op, wéi sou et méiglech as, dass trotz enger eenheetlecher Währung d'Virementen an d'Ausland, speziell an d'Eurozon, esou schwéier bleiwen, dass hire Käschtepunkt esou héich ausfällt.

Dat gëlt net nëmme fir d'Virementen, mä och fir aner Operatiounen oder Transaktiounen, wéi den Austausch vu Chèques oder de Geldwässel.

A Frankräich zum Beispill hun d'Konsumenten sech iwwer déi erschreckend héich Kommissiounen, déi d'Banken op den internationale Chèques ophiewen, beschwéiert, mat der Konsequenz, datt d'Akzeptanz vum Euro bei der Bevëlkerung dach zolidd ze leiden hat.

Méit 1998 huet déi europäesch Kommissioun, wéi och e bësse méi spéit déi europäesch Zentralbank, déi onduerchsichteg an iwwerdriwwen Tarifikatiounen vum internationale Virementen ugeprangert. Bei där mëndlecher Recommandatioun sollt et dun och net bleiwen. D'Kommissioun huet déi europäesch wéi déi national Bankengruppéierungen opgefuerdert, en detailléierten Ist-Zoustand vum den Tarifikatiounen fir Auslandsoperatiounen duerzeleën.

Dës Rapport misst fir den 31. März 1999 fäerdeggestallt gin.

Wesentlech as, dass d'Afëierung vum Euro manner Hindernisser a méi Transparenz an dësem Domän fir den europäesche Konsument mat sech brénge misst.

Här President, de Projé 4478 as d'Ëmsetzung an eis national Gesetzgebung vum der Direktiv 97/5/CE iwwer d'Virements transfrontaliers. Dës Projé, op deen ech am Detail wäerd agoen, bitt och mat Sécherheet eng Äntwert op vill Froen.

En direkten Afloss op d'Tarifikatioun huet dës Projé awer net. Et as also net esou, datt de Käschtepunkt vum den Virementen an d'Ausland mat dësem Projé automatesch erofgeet. Et kann een awer mat Recht dervun ausgoen, datt d'Ëmsetze vum den Regeln an den Obligatiounen fir d'Kreditinstituter net ouni Konsequenz op d'Banktariffer wäerd bleiwen.

Ier ech op den eigentlechen Inhalt ze schwätze kommen, wëll ech d'Ustrengunge vum der Europäescher Kommissioun beim Zustandekommen vum der Direktiv ervirsträichen. D'Europäesch Kommissioun war déi lescht Jore konstant drëm beméit, fir d'Transparenz bei der Ta-

rifikatioun vum den Auslandsvirementen ze garantéieren. De Secteur bancaire an Europa huet awer kaum op d'Urengungen, déi vu Bréissel koumen, reagéiert.

Eng Recommandatioun aus dem Jor 1990, déi wéineg Uklang an den Etats membres fond huet, a speziell déi séier Fortschreitter a Richtung Währungsunioun hun d'Kommissioun derzou beweegt, fir méi contraignant virzegoen. D'Kommissioun huet dem Conseil wéi och dem Europäesche Parlament eng nei Direktiv am Jor 1994 virgeschloen. D'Direktiv 97/5/CE as schliesslech de 27. Januar 1997 ugeholl gin an dréit dem Wonsch vum Europaparlament, souwéi selbstverständlech der Positioun vum Rot vum de Finanzministere Rechnung.

Zur nationaler Prozedur géif ech zwou Remarque maaichen.

Dës Projé as éischtens zimlech séier säi parlamentaresche Wee gaangen, an dat as op Grond vum der Urgence ouni Zweifel positiv ze bewäerten. De Projé as de 14. Oktober 1998 déposéiert gin, a mir hun an der Finanzkommissioun schnell reagéiert, wéi mer am Besëtz vum Avis vum Staatsrot waren. De Projé as de 4. März analyséiert an de Rapport den 11. März ugeholl gin. E bëssche bedauerlech as, datt den Avis vum der Chambre de Commerce eréischt gëschter erakumt an net fir d'Diskussiounen vum der Kommissioun a Betruucht konnt gezu gin.

Interessant wir et schon, an dësem Kontext ze wëssen, wéivill Länner zu dësem Zäitpunkt déi betreffend Direktiv ëmgësat hun. De Finanzminister kéint eis am Kader vum dëser Debatt wäertvoll Informatiounen doriwwer gin. Den europäesche Konsument huet mat Sécherheet groussen Intérêt drun, dass déi Prinzipien vum der Direktiv iwwerall an Europa an net unilateral op Lëtzebuerger Säit applizéiert gin.

Dobäi wëll ech soen, datt d'Banken zu Lëtzebuerg an der Regel eng moderat Tarifikatioun virhuelen an elo schon déi meescht Prinzipien vum der Direktiv applizéieren. Déi franséisch Banken, fir e Géigebeispill ze nennen, sin awer bekannt, fir heiansdo wéineg duerchsichteg an hirer Virgoensweis ze sin. Global geet et drëm, och fir de Lëtzebuerger Konsument, datt d'Direktiv esou séier wéi méiglech an déi national Gesetzgebungen ëmgësat gët.

Zwetens géif ech ervirsträichen, datt mat der Virlag keen neit Gesetz geschafe gët, mä datt d'Loi relative au secteur financier aus dem Jor 1993 vervollstännegt gët. Dës Virgoensweis as an den Aë vum der Finanzkommissioun voll berechtigt, well d'Direktiv en direkten Afloss op d'Ausübung vum den Bankaktivitéiten huet. Et as deemno logesch, datt ee se an d'Kadergesetzgebung vum Finanzsektor integréiert huet.

Et entsteet also am Gesetz en neit Kapitel II bis mam Titel: "Les obligations en matière de virement transfrontaliers". Während d'Kapitel II d'Regele festschreift, déi fir de gesamte Finanzsektor a fir sämtlech Operatiounen gëllen, betrëfft d'Kapitel II bis all physesch a moralesch Persoun, déi am Kader vum hiren Aktivitéiten Virementen an d'Ausland exekutéiert.

Dat neit Kapitel as an 3 gedeelt. Deen éischten Deel handelt ëm de Champ d'application, deen zweeten ëm d'Transparenz vun den Operationen an deen drëtten ëm d'Obligatiounen vun dene betreffende Finanzinstituter. De Champ d'application as genee definéiert, fir datt och kee Mëssverständnis opkënn. Betreff vun der Direktiv sin d'Virementen, déi folgend 4 Bedingungen erfëllen:

1. D'Virement müssen an Euroën ausgestallt gin oder an enger anerer Währung aus der Europäescher Unioun, oder an der Währung aus Island, Liechtenstein an Norwegen.

2. Se dierfen d'Valeur vu 50.000 Euro (ronn zwou Milliounen Lëtzebuerger Frang) net iwwersteigen; dat weist also, datt déi kleng a mëttelgrouss Operationen gemengt sin. D'Gesetz schwätzt vu Virements à faible valeur.

3. De Virement muss am Kader vun der normalen Operationen vum Kreditinstitut erfollegen.

4. Eng weider Bedingung as, datt d'Bank vum Donneur d'ordre an engem anere Land muss si wéi déi vum Bénéficiaire.

D'Konditiounen vun der gewënschter Transparenz si grad esou klar. All Kreditinstitut as sénger Clienten am viraus eng klar Informatioun schëlleg. Eng klar Informatioun heescht de genee Opschloss iwwert d'Fräen an d'Kommissiounen, déi de Client bei engem transnationale Virement ugerechent kritt. Den Délai vun der Exekutioun muss am viraus festgeluegt gin. Schliesslech muss de Client och nach iwwert d'Méiglechkeet vun engem Recours oder enger méiglecher Reklamatioun informéiert gin. Dat gëlt sougutt viru wéi no der Exekutioun vun engem Virement. Konkret kritt de Bénéficiaire wéi och den Donneur d'ordre eng schrëftlech Informatioun iwwer all déi Fräen, déi ofgin. Dat, fir ze verhënnere, datt d'Kommissioun zweemol oder gläichzäiteg ugerechent gëtt.

An deem Zesammenhang geif ech kuerz op de Problem vun de Fräen an de Kommissiounen bei Auslandsvirementen agoen. Bis elo war et esou, datt de System "Share" ugewant gouf, wat näischt anescht heescht, wéi datt d'Kommissiounen tëscht dem Empfänger an dem Donneur d'ordre opgedeelt gin. Déi méi oder weineger justifizéiert Begrënnung war, datt et sech hei ëm ganz komplex Operationen handelt, wou keng Bank de vollständegen Oflaf vun den Operationen meescht.

D'Direktiv setzt deem System elo en Enn, speziell well d'Praxis gewisen huet, datt ganz oft d'Fräen zweemol ofgaange sin. En neie System, genannt System "OUR", kënnt elo an d'Plaz.

Déi Persoun, déi den Uerder gëtt, kritt vun elo un d'Kommissiounen an d'Fräen am Normalfall ugerechent. Si behält awer d'Méiglechkeet, dem Bénéficiaire d'Kommissiounen ze iwwerdreen. Dobäi kënnt, datt d'Kreditinstitut och responsabel fir d'Oflaf vun der gesamter Operation gemaacht gëtt. Et as also net méi méiglech,

datt d'Kreditinstituter sech hirer Responsabilitéit entzëien, wann eppes schifleeft.

Zousätzlech zu der Informationspflicht - an dat as den Objet vum Punkt 3 - sin d'Instituter u gewëssen Obligatiounen gebonnen. Ech nennen do speziell:

- den Engagement vis-à-vis vum Client, d'Délai an de festgeschriwwene Montant vu Kommissiounen a Fräen ze respektéieren;

- d'Méiglechkeet vu Fristzësen, falls den Délai fir en internationale Virement net agehale gëtt;

- de Remboursement vu Kommissiounen, déi zweemol opgehuewe goufen, op der Säit vum Donneur d'ordre wéi op der Säit vum Bénéficiaire;

- de Remboursement vum Virement plus Fristzësen, falls dësen net richteg exekutiert gouf;

- d'Bank vum Donneur d'ordre zeechent verantwortlech "pour la bonne exécution du virement transfrontalier".

D'Kreditinstitut dréit also eng voll Responsabilitéit fir de gesamten Oflaf. Nëmme e Cas de force majeure, dee relativ klar definéiert as, kann d'Bank dervun entbannen.

Schliesslech gesäit d'Direktiv klar Prozedure fir Reklamatiounen a Recours vir. Menungsverschiddenheiten tëscht dem Client a sénger Bank sollen iwwer effikass Weer geregelt gin. Dat geschitt an eiser nationaler Legislatioun iwwer den Artikel 58 vum Gesetz iwwer de Secteur financier, wou de Clienten hir Recours- a Reklamatiounsrechter garantéiert gin.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an engem leschten Deel géif ech nach op dat agoen, wat am Avis vum Staatsrot figuréiert. De Conseil d'Etat weist mat Recht drop hin, datt déi nei Dispositiounen aus der Direktiv praktesch eréischt Wäert hun, wa se vun alle Memberstaaten aus der EU och ëmgesat gin. Den Délai fir d'Ëmsetzung as 1997 op de 14. August 1999 festgeluegt gin. Domat as et awer net gedoen, well dat nach keng Garantie as, datt d'Ëmsetzung an alle 15 Memberstaaten och bis zu deem Datum erfollegt as. D'Kommissioun wäert an deem Zesammenhang bei de Retardatairë misse intervenéieren, fir datt se hir Hausaufgabe maachen.

Beim Champ d'application huet de Staatsrot d'Frage opgeworf, ob d'Post als Institut och betraff as. D'Finanzkommissioun as der Meinung gewiescht, datt d'Formulatioun vum Gesetzesprojet keen Zweifel opkomme léisst. D'Virementen iwwer de Postcheque sin also genau esou betraff wéi d'Operationen vun traditionelle Banken. Et hätt absolut géint den eigentlechen Objet vun der Direktiv an och vum Gesetz verstouss, wann d'Virementen iwwer de CCP ausgeschloss gë wieren.

Am schrëftleche Rapport konnt Der och liesen, datt d'Finanzkommissioun de Propositionen vum Conseil d'Etat gefollegt as. De Jour bancaire ouvrable as duerch de Jour bancaire ouvré ersat gin, wat iwwerens och no dréiglech am Rapport vun der Chambre de Commerce

steet. Mir hun och preziséiert, datt d'Faillite vun engem Kreditinstitut kee Cas de force majeure as. Op där anerer Säit hu mer géint d'Proposition vum Staatsrot d'Obligation, fir dem Client an alle Fäll de Wiesselcours matzedelen, bäibehalen. Och nom Aféiere vum Euro deelt déi europäesch Zentralbank dagdeeglech d'Wisselcours vun allen Devisé mat. Dës Obligation werft keng Problemer op.

Als Rapporteur vun dësem Projet géif ech als Konklusion op dei méi grouss Transparenz bei de Fräen an Délaië bei Virements transfrontaliers hiweisen. Hei kritt de Konsument méi Duerchbléck. Och wann d'Tarifikation vun de Banken nët direkt erofgesat gët, sin ech der Meinung, datt d'Präisser fir international Virementen dank dësem Projet fale wäerten. Esou gët zum Beispill eng duebel Kommissionsberechnung an Zukunft verbueden. D'Obligation vun der Transparenz wäerd och hiirt derzou bäidroen, datt d'Operationen vereinfacht an doduerch och nët méi esou héich taxéiert gin.

Aus dëse Grënn géif ech Iech bidden, dësem Projet Är Zoustëmmung ze gin. Ech géif och nach derbäi fügen, datt sech d'Finanzkommission unanime dofir ausgeschwat huet. Zum Schluss, Här President, wëll ech dann och nach den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Projet gin.

Ech soen Iech merci.

M. le Président. - Als éischten Diskussionsriedner as den Här Henri Grethen agedroen. Den Här Grethen huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Henri Grethen (DP). - Här President, de Rapport war esou komplett, dass deem näischt bäizefügen as. Méng Fraktioun as mat deem Projet d'accord a wäerd en och stëmmen. Méng Félicitationen un de Rapporteur fir säin excellente Rapport.

M. le Président. - Deen nächste Riedner as den Här François Bausch.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG). - Här President, ech wollt mech dem Här Grethen uschlëssen an am Numm vun der grénger Fraktioun den Accord zu dësem Projet gin.

M. le Président. - Den Här Henckes huet d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR). - Här President, mir félicitéieren och de Rapporteur fir säin excellente Rapport a sin och bereet, dee Projet de loi, esou wéi en hei virläit, ze stëmmen.

M. le Président. - D'Wuert huet elo den Här Minister Luc Frieden.

M. Luc Frieden, Ministre du Budget. - Här President, ech wollt am Numm vun der Regierung dem Rapporteur, dem honorablen Här Lucien Clement, merci soë fir déi Erklärungen, déi hien eis hei gin huet.

Ech ënnersträichen, datt dat hei e relativ wichtege Projet de loi as, grad an dëser Zäit, wou mer amgaange sin, op den Euro ëmzeschalten. Ech géif och dofir jhust ee Wuert soen zu där berechtigter Oprengung, déi entstanen as an dene leschte Wochen, wéi verschidde Leit gemengt hun, datt mat der Aféierung vum Euro verschidde Kommissiounen bei de Banken eropgaange wäeren. Mir hun eng Table ronde zesummegeruff vum Secteur privé, bei där d'Konsumenten, d'Commerçantën an d'Banken derbäi waren, a mir hun iwwer déi Problematik geschwat. D'Regierung huet dobäi un d'Banken nach eng Kéier de Wonsch ausgedréckt, datt se an der Tarifikation vun hire Servicer Transparenz géife spille loossen.

Et war nämlech esou, datt bis elo, virum 1. Januar 1999, wou d'Tauxën nët eemol fir ëmmer tëscht den In-Währungen vun der Eurozon festgeluegt waren, verschidde Kommissiounen mat am Taux agerechent waren. Doduerch hun d'Leit gemengt, datt keng Kommissioun erhuewe gi wär, mä datt et nëmme d'Applikation vum Taux de conversion wär, déi e gewëssene Montant um Lëtzebuerger Frang uitgemaacht huet. Zënter dem 1. Januar - wéi mer wëssen - as de Wiesselcours tëscht zum Beispill der D-Mark an dem Lëtzebuerger Frang ee-fir allemol fixéiert. Wann een also e Virement transfrontalier mécht, bei deem nach ëmmer Käschte sin, da gët deen extra mentionéiert an extra a Rechnung gestallt. Dofir hun d'Leit gemengt, datt zousätzlech Käschten entstanen wäeren.

D'Regierung as selbstverständlech, insofern et se concernéiert, nët dermat d'accord, datt duerch d'Aféierung vum Euro géifen zousätzlech nei Käschten op d'Leit duerkommen. Si as éischter der Meinung - wéi den Här Clement dat hei gesot huet -, datt, wann een an enger grousser Eurozon operéiert, am Fong d'Käschte missten erofgoen. Ganz sécher fale jo d'Wisselcoursrisiken ewech, an och d'Käschte vum Change, mä et bleiwen d'Frais de correspondance mat auslännesche Banken. D'Banken hu sech an där Table ronde engagéiert, fir hire Membere matzedelen, dass se mussen am Detail hir Clienten informéieren, wéi d'Käschtestruktur bei hinnen applizéiert gët. Ech mengen, et as elo un de Konsumenten, de Clienten vun de Banken, fir drop ze pochen, datt se déi Informatiounen kréien.

Dat Gesetz hei, dat eng Transposition vun enger Direktiv as, soll op deem Wee hëllefen. Mä och ouni dës Direktiv, mengen ech, hätten d'Banken dat scho solle maachen. Wa se et nët maachen, dann as d'Konkurrenz och dofir do, fir op deem Wee ze hëllefen, fir datt déi, déi sech do op déi falsch Bunn beginn, op déi richteg zréckkommen.

Op jidde Fall däerf d'Aféierung vum Euro nët zu enger Erhéijung vun de Käschte féieren, a si huet och bis elo nët derzou gefouert. Wann d'Transparenz richteg spillt, da gesäit een dat. E Wuert vun Erklärung as noutwendeg.

Ech sin op jidde Fall frou, datt dëse Projet de loi an esou schneller Zäit konnt, nodeems e vun der Regierung déposéiert gin as, vun dëser Chamber examinéiert gin, an

ech sin och frou, datt d'Châmbre dee schénge wëllen unanime ze stëmmen. Ech soen Iech merci.

M. le Président. - D'Diskussioun as elo ofgeschloss, a mir kommen zur Lecture vum Article unique.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

Den Article unique as gelies an ugeholl.

D'Ofstëmmung geschitt an enger vun denen nächste Sitzungen.

Mir kommen zur Diskussioun vum Projet de loi 4234 iwwer d'Consignatiounen beim Stat. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Lucien Weiler.

4. Projet de loi 4234 sur les consignations auprès de l'Etat

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Lucien Weiler (CSV), rapporteur. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Et geet bei deemem Projet iwwer d'Consignatiounen ëm ee relativ technesch-juristesche Projet, dee keen, weder heibannen nach dobaussen, vun der Still rappe wäerd, deen awer trotzdem séng Importenz huet, well mer hei ee Gesetz ëmännere gin, wat aus dem leschte Jorhonnert staamt a bis elo u sech, esou wéi et libelléiert war, séng Utilitéit hat a säin Zweck erfüllt huet. Notamment duerch eng Rei vu Changementer, och wat d'Importenz vun der Bankeplaz ubelaangt, as et noutwendeg gin, déi eng oder aner Modifikatioun vun deem alen Text virzehuelen. Ech wëll dat ganz kuerz maachen.

Bei der Consignatioun handelt et sech ëm eng Operatioun, déi dora besteet, dass entweder eng Geldzomm oder aner Valeuren en consignation gi gin, à titre de garantie vun engem Engagement oder awer och à titre conservatoire. Fir emol e Beispill ze gin, wéi dat an der Praxis ausgesäit: e Mann huet e Marché gemaacht a wëll dee Marché bezuelen; or, de Créancier as net d'accord, fir déi Gelder an Emfank ze huelen, well den Débiteur net alles wëllt bezuelen. Et si Malfaçonnen zum Beispill an engem Bauprojet, mä den Débiteur wëllt sech awer libéréieren, esou wäit wéi hien d'Schold unerkennt. Wann de Créancier net d'accord as, fir déi Gelder entgéintze huelen, dann huet den Débiteur d'Méiglechkeet, fir déi Gelder ze consignéieren, dat heescht, vun deem Moment un, wou se consignéiert sin, as kee Frang un Zënse méi ze bezuelen, am anere Fall kann de Créancier gegebenenfalls, wann en eng Sommatioun gemaacht huet, Zënse froen.

Un deem Beispill gesäit een e weéneeg, wouran d'Utilitéit vun der Consignatioun besteet. Mer hun eng Rei vun Texter, wou Gelder musse consignéiert gin. Zum Beispill e Curateur vun enger Faillite as laut den Texter obligéiert, fir déi Gelder, déi en am Kader vun där Faillite anzitt, op der Caisse des consignations ze consignéieren, bis dee Moment, wou se ausbezuelet gin. Oft gët am Kader vun Expertisen ordonnéiert, dass d'Frais d'expertise, déi avancéiert musse gin, op der Caisse des consignations consignéiert gin.

Dir gesitt un dene Beispiller e bëssen, wat d'Utilitéit vun der Consignatioun u sech as. Ee vun de gréisste Problemer, déi mir bis elo haten, wou och eng Emännierung vum Gesetz noutwendeg gin as, as, dass Gelder, déi consignéiert gi sin, hu missen an eiser Währung consignéiert gin. An der Zwëschenzäit, mat der Importenz vun eiser Banken- a Finanzplaz, as et awer oft, dass aner Währungen, Dollaren, Marken an anerer, solle consignéiert gin. Dat goung bis ewell net. Et as awer noutwendeg, dass mer dat hun, esou dass d'ëst ee vun de wesentleche Punkte vun deemem Projet as.

Et gin och verschidde prezis Dispositiounen agefouert, wat d'Receptioun, d'Garde vun dene Bienën ubelaangt, déi consignéiert kënnen gin. Et handelt sech net nëmmen ëm Gelder, mä et kënnen och aner Wäertgéigegestänn consignéiert gin, wéi zum Beispill e wäertvollen Tableau, Immeublen.

Weider gi Prezisiounen gin, wéi d'Responsabilitéite sin, well deen Tableau, deen en garde gaangen as, muss an deem Zoustand restituéiert gin, wéi en ofgestallt gouf. Och wéi et mat de Fräen as. Et war eng Schwirregkeet, nottamment an deem Sënn, wou d'Regierung proposéiert hat, dass d'Caisse des consignations, déi den eigentleche Gardien as, en Droit de disposition hätt, dat heescht, si kéint déi Bienën, déi si en consignation huet, verkafen.

Kënnt Dir Iech virstellen, dass een e wäertvollen Tableau en consignation gët, an op eemol, well et der Trésorerie de l'Etat zevill komplizéiert as, fir weider d'Garde dervun ze maachen, verkeeft s'en!

De Conseil d'Etat huet sech selbstverständlech do opposéiert. D'Trésorerie de l'Etat, déi d'Caisse de consignation as, kritt keen esou en Droit de disposition iwwer d'Biens meubles oder immeubles, mä se muss déi restituéieren, déi se en consignation kritt.

Da war eng weider Schwirregkeet do, wou an der Praxis eng Parti Gelder déposéiert sin, déi ni méi reklaméiert gin. Ech froe mech, ob nach vill Gelder, déi an der leschten honnert Jor consignéiert gi sin, an der Caisse des consignations, déi bei der Trésorerie de l'Etat funktionnéiert, sin. Et war ëmmer esou, dass no 30 Jor eng Prescriptioun war. Wann no 30 Jor net reklaméiert gi war, da waren déi Bienë verjährt, an d'Trésorerie, respektiv de Stat as Propriétaire dervu gin.

D'Regierung wollt déi Prescriptioun op 10 Jor erofsetzen. De Conseil d'Etat huet awer gemengt, dass ee misst bei denen 30 Jor bleiwen, well wa Geldzommen oder Wäertgéigegestänn consignéiert waren, an déi géingen 10 Jor laang net reklaméiert gin, da wëllt dat net onbedéngt heeschen, dass déi jéineg Leit drop verzicht hätten an d'Kanner net zu engem spéideren Zäitraum à charge kënnen.

(Interruption)

Heiansdo läit de Conseil d'Etat awer ganz richtig. Speziell an deemem Fall, géif ech mengen, well 10 Jor as effektiv kee ganz laangen Délai. Et géifen eng ganz Parti vu Curateuren hei am Land ganz schlecht dru sin, wann